



GEMENG
HABSCHT



D'Entrée vum Lager Nr. 188 zu Tambow (Archiven: Amicale des Anciens de Tambow)

D'Amicale des Anciens de Tambow, an Zesummenaarbecht mat dem Schäfferot
an der Kulturkommissioun vun der Gemeng Habscht invitéieren lech fir den
80. Joresdag vum Retour vun den „Tambower Jongen“ aus russescher
Krichsgefaangenschaft am November 1945 op de

Vernissage vun der Ausstellung „80 Joer zréck an der Heemecht“

e Freideg, de 7. November 2025
ëm 18.30 Auer zu Habscht am Centre polyvalent.

Am Uschloss invitéiert d'Gemeng Habscht op eng Receptioun
an d'Amicale des Anciens de Tambow op d'Visitt vun der Ausstellung an der „Salle Union“.

Programm vun der Woch

Sonndeg, den 9. November

- 10:30** Néierleeë vun enger Gerbe beim Monument aux morts
- 11:00** A Gedenken un d'„Tambower Jongen“, feierlech Mass an der Habschter Kierch.
- 12:00-13:00** Visitt vun der Ausstellung mat Vertrieder vun der Amicale des Anciens de Tambow
- 19:00** Konferenz an der „Salle Union“ mat der Historikerin Inna Ganschow zum Thema: **Die unbequeme Vergangenheit - Verschwundene Spuren von Zwangsarbeitern und Zwangsarbeiterinnen aus der Ukraine, Russland und Belarus in Luxemburg**



Inna Ganschow ist Wissenschaftlerin in den Bereichen Migrationsgeschichte, Medien und Literatur des 20. und 21. Jahrhunderts. Derzeit arbeitet sie am Luxembourg Center for Contemporary and Digital History (C2DH) am Oral-History-Projekt U-CORE, das sich der Sammlung, Aufbewahrung, Analyse und Veröffentlichung von Kriegszeugnissen aus der Ukraine widmet. In ihrem Vortrag wird Ganschow über die 4.000 ukrainischen, russischen und belarussischen Zwangsarbeiter in Luxemburg während des Zweiten Weltkriegs sprechen und darüber, wie ihre Erinnerung nach dem Krieg fast vollständig verschwunden ist. Eines der größten Zwangsarbeitslager befand sich neben dem Stahlwerk ARBED in Esch/Alzette, dem damals größten Arbeitgeber. Heute steht an dieser Stelle ein moderner Universitätscampus. Die meisten ehemaligen Zwangsarbeiter waren Teenager aus der Ukraine. Sie wurden 1945–1946 repatriert, während sich das kollektive Gedächtnis in Luxemburg auf andere Opfer des Nazi-Regimes konzentrierte. Bis heute gibt es keine Gedenktafel, kein Denkmal und keine Statue, die an ihre Inhaftierung in Baracken oder ihre Zwangsarbeit in der Stahlindustrie, in der Landwirtschaft oder in privaten Haushalten erinnert. Die Konferenz wird in deutscher Sprache gehalten.

Mëttwoch, den 12. November

- 19:00** Concert an der „Salle Union“ „Do wou Erënnerung bléit, kléngt d'Stëmm vum Fridden“ mat Lidder a Gedichter am Gedenken un d'„Tambower Jongen“ vum Olivier a Luc Nilles (Gesank) mam Katrin Reifenrath (Piano)



Donneschdeg, den 13. November

- 19:00** Konferenz an der „Salle Union“ mam Direkter vum Dikrecher Militärmusée Benoît Niederkorn mam Thema „Monumenter an Erënnerungskultur am Lëtzebuurger Land“



De Virtrag vum Benoît Niederkorn befaasst sech mat de Monumenter vum 2. Weltkrich zu Lëtzebuerg mam Fokus op de Kanton Capellen. Sait 2020 huet de Musée National d'Histoire Militaire an enger Datebank all Monumenter am Land erfaasst. D'Zil ass nieft dem komplette Relevé mat alle primären Informatiounen an enger spéider Etapp och Biografien zu den eenzele Persounen, déi bspw. op de Monuments aux morts stinn, ze erfuerschen a mam Monument ze verbannen. D'Konferenz gëtt a lëtzebuergescher Sprooch gehalten.



**D'Ausstellung an der „Salle Union“ ass vum
8. bis 14. November all Dag op vu 17 bis 21 Auer.**

Mellt lech fir d'Konferenzen an de Concert wgl. u per E-Mail (careli@pt.lu) oder Telefon (691 140 561).